PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 16/11/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Landwirtschaft weiderzeleeden.

Déi aktuell Regierung huet sech am Koalitiounsaccord zum Zil gesat, dass bis 2025 op mannst op 20% vun den Ubauflächen hei am Land soll op eng biologesch Landwirtschaft gesat ginn. An der Äntwert op d'parlamentaresch Fro N°3752 vun 2018 vun Déi Gréng huet den deemolege Landwirtschaftsminister een Tableau presentéiert, op deem den Undeel vun der Bioproduktioun par Rapport zur Gesamtproduktioun hei am Land indiquéiert ass. Aus dësen Zuele goung ervir, dass d'Biolandwirtschaft a verschiddene Secteuren immens ënnerentwéckelt war, zum Beispill bei Fleeschproduiten, Feldfriichten oder Drauwen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Kann de Minister d'Entwécklung vun den Zuelen aus der Fro n°3752 fir d'Joren 2017, 2018, 2019 an 2020 an engem Tableau duerleeën?

2. Wéi vill Betriber hunn zënter 2018 op Biolandwirtschaft ëmgestallt?
   - Wéi vill dovunner am Beräich vun der Véizuucht?
   - Wéi vill dovunner am Beräich vum Fruucht-a Geméisbau?
   - Wéi vill dovunner am Beräich vum Wäibau?

3. Wéi vill Fläche ginn aktuell no de Krittäre vun enger biologescher Landwirtschaft exploitéiert?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député